**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 20. Februar 2019**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
20 FEV. 2019
393

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert de gratis ëffentlechen Transport un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weider ze leeden.

Am Kader vum geplangte gratis ëffentlechen Transport, stellen sech nach eng Rei vu Froen, virun allem um Niveau vum grenziwwerschreidendem Verkéier.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weider ze leeden.

- Wei eng Auswierkungen huet de gratis ëffentlechen Transport op d'Accord'e am grenziwwerschreidendë Beräich (Tarifstruktur etc) ?
- Kann de Minister iwwer eventuell Gespréicher mat de Nopeschlänner informéieren?
- Wei eng Auswierkungen huet de gratis ëffentlechen Transport op de Statut an Aarbecht vun der Mobilitéitszentral ?

Mat déiwem Respekt,

**Marc Spautz**
**Deputéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 18 MARS 2019

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**43, boulevard F.D. Roosevelt**
**L – 2450 Luxembourg**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 MARS 2019

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°393 du 20 février 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Spautz, concernant la gratuité des transports publics, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics à la question parlementaire n° 393 du 20 février 2019 de Monsieur le Député Marc Spautz**

Zousätzlech zu sénge Froë vum 18. Februar 2019 iwwer eventuell Auswierkungen hei am Land vum gratis ëffentlechen Transport huet den honorablen Deputéierten nach Froen zu dësen Auwierkungen am grenziwwerschreidende Beräich an am Beräich vun der Aarbecht vun der Mobilitéitszentral.

Den Tarif fir grenziwwerschreidend Zich setzt sech zesummen aus 2 Quotes-Parts, eng fir d'CFL fir den Trajet zu Lëtzebuerg, an eng fir den Opérateur am Ausland fir den Trajet am Nopeschland.

All Opérateur, respektiv d'Autorité compétente vun deem Land ass fräi, seng Quote-Part festzeleen. Duerch d'Gratuitéit gëtt d'Quote-Part vun den CFL an der 2. Klasse null. Fier den Trajet vun der Grenz bis zur Destinatioun am Ausland steet et dem Opérateur am Ausland fräi, den Tarif festzeleen.

Et ass ze betounen, dass d'Quote-Part CFL op engem Monatsabonnement manner ass wéi 50.- EUR de Mount (z.B. 42,50 EUR fier Frankräich an Däitschland, 29.- EUR fier d'Belsch). D'grenziwwerschreidend Abonnementer gin also net automatesch em 50.- euros den Mount méi bëlleg.

An deem Sënn huet d'CFL schon éischt Gespreicher mat den Nopescheisebunnen gefouert, respektiv stinn nach Gespréicher bevir. Doranner ginn si virun allem forméiert; wéi gesot, sinn si fräi fir ze maachen, wéi se wellen fir hieren Deel, an dofier hu se jo nach Zäit.

Wat de Statut an d'Aarbecht vun der Mobilitéitszentral ugeet, sou ass ze préciseieren dat hier eischt Missioun ass a bleiwt den Client ze informeieren an Reklamatiounen ze beaentweren an net den Verkaaf vun den Tickets'en. Demno waert hier Attributioun net fundamental aenneren.